

Corporate Finance

- Corporate Finance: Bank Operatioune fir Entreprisesen
- Lëtzebuenger Banke bidden internationalen Entreprisesen eng multijuridictionell Expertise an der Corporate Finance un
- Esou kréien national wéi och international Entreprisesen vu Lëtzebuerg aus déi néideg Finanzéierungsméiglechkeete fir hir Projeten ze realiséieren an hir global Operatioune duerchzeféieren

Entreprisesen, grouss oder kleng, brauche Kapital fir ze schaffen. All Decisioun déi mat Investitioune verbonden ass, ass eng Decisioun déi voraussetzt, dass d'Suen intelligent agesat gi fir dass de Projet herno och rentabel ass.

Méi wéi jee agéieren d'Entreprisesen haut an enger globaliséierter Welt déi sech ëmmer méi séier verännert. Entreprisesen brauche fir sech unzepassen, ee Accès zu deene richtege Finanzmëttel fir hir global Investitioune an Operatioune duerchféieren ze kënnen.

Zum Beispill eng multinational Textilfabrick muss eng nei Maschinn fir eng nei Fabrick kafen. Et muss also decidéiert ginn, wéi vill Suen dofir néideg sinn, wou déi Sue sollen hierkommen a wéi se fir hiren Zweck agesat an investéiert ginn.

De Grand-Duché ass virun allem an der Welt fir seng Fongenindustrie a seng Verméigensverwaltung bekannt. Lëtzebuerg huet sech awer och eng eechen Expertise am Beräich vun der „Corporate Finance“ opgebaut. **Zu Lëtzebuerg si vill prominent Banken an deem Beräich aktiv. Dat heescht si bidden iwwert d'Grenzen eraus Corporate Finance an déi dofir néideg Finanzservicer un. Esou kréien national wéi international Entreprisesen vu Lëtzebuerg aus déi néideg Finanzéierungsméiglechkeete fir hir Projeten ze realiséieren an hir global Operatioune duerchzeféieren.**

Guardian Industries, Ferrero, Amazon, ArcelorMittal, SES, Goodyear, DuPont de Nemours, RTL, Skype an Delphi sinn nëmmen e puer vun deene Beispiller déi Lëtzebuerg als hire europäeschen oder internationale Sëtz ausgewielt hunn. Dës multinational Entreprisesen hu Lëtzebuerg erausgesicht well se hei eng multijuridictionell Expertise an der Corporate Finance vun de Banken op der Plaz gebuede kréien.

